PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Aarbecht, Ëffentlechen Déngscht & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Déi nei Regierung huet sech op de Fändel geschriwwen, fir d'Prozeduren am Bau ze vereinfachen an d'Bauen esou ze beschleunegen. An deem Kader freet een sech dann, wou een dës ka beschleunegen. Dëst fir d'éischt beim Staat selwer, wou vill verschidden Acteure mussen zesumme schaffen, dëst zum Beispill am Kader vum Bau vu Centres culturels, Schoulen an anere Gebaier.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi schafft den SNSFP, d'ITM an zum Beispill den CGDIS bei staatleche Projeten zesummen? Bei wéi engen Etappen ass dëst de Fall?

2. Wéi eng Ressourcen a Prozedure kéint een hei zesummeleeë fir d'Prozedur insgesamt ze beschleunegen?

3. Falls d'Regierung heizou nach keng Ausso ka maachen, wäert si dës Analys dës Legislaturperiod maachen? Falls jo, bis wéini? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc | POLIDORI Ben |
|---|---|---|
| Deputéierten | Deputéierten | Deputéierten |